



Stellungnahm

déli gréng Suessem hunn dem Maurice Molitor säi klengen a gudde Reportage betreffend Knauf haut de Mëtteg um 100,7 mat Interessi gelauschtert a wëllen hei nach folgend Ergänzung maachen:

An hirer Ufro vum 28. Mäerz 2018 hunn déli gréng dem Suessemer Schäfferot d'Propose gemaach fir am Kader vum PAG eng « zone de servitude - urbanisation „qualité de l'air“ » op d'national Aktivitéitszone « Parc Industriel Pafewee Ilôt Est / Gadderscheier » dropzeleeën (ze superposéieren). An esou enger Servitude kéint een dann eventuell e Seuil fir e maximalen Ausstouss vu gesondheets- an ëmweltschiedlechen Ofgasen ewéi NO_x, SO₂, CO₂ an Ammoniak fir déi ganz, uewe genannten Zone festhalen. An der Définition vun esou enger Zone geet ënnert anerem rieds vu: « ...prescriptions spécifiques... aux fins d'assurer la sauvegarde... de l'environnement naturel... » Eiser Meenung no gehéiert d'Loft fir ze ootmen zum « environnement naturel ».

déli gréng Suessem begréissen et dofir, datt hir Iddi beim Schäfferot Uklang fonnt huet an datt aus Klimaschutz- a Gesondheetsaspekter eng « Zone de servitude – urbanisation „industrie innovatrice“ » op d'national Aktivitéitszone « Pafewee » soll dropgeluecht ginn. Op de Grondstécker an dëser Zone dierfte sech da just nach innovativ Betriber néierloossen, déi zur Decarbonisatioun vun der Wirtschaft bäidroen an deenen hir Aktivitéiten, eenzel oder zesumme mat aneren, de Schutz vun der Loftqualität, der Liewensqualität an der Gesondheet net a Gefor bréngen.

D'Dénominatioun ass anescht, mee d'Finalitéit bleift déiselwecht.

Keng Steewollfabrick heescht awer net, datt déli gréng Suessem guer keng nei Industriebetriber an hirer Gemeng wëllen, mee just nach Betriber, déi nohalteg, energieeffizient, ëmweltfrëndlech an innovativ Produktiounsmethoden uwenden an och genee esou Produiten hirstellen. Dofir hunn déli gréng dem Schäfferot och proposéiert fir mam Wirtschaftsminister an ee konstruktiven Dialog ze trieden fir zesumme mat him an den Acteuren aus Industrie a Fuerschung (LIST, UNI.LU, ...) an dësem Sënn no Léisungen a no Alternativen ze sichen. Alternativen zu Steewoll gëtt et der mëttlerweil eng ganz Partie, wéi z.B. Miscanthus, eng Planz déi ouni Düngung, Insektiziden a Pestiziden auskënnt a sech duerchaus eegent fir ëmweltfrëndlech a nohalteg Bau- an Dämmstoff hierzustellen.